# Buergermeeschter – e full time Job

forum *wollt och eppes iwwert den Alldag vun engem Buergermeeschter am Gemengerot gewuer ginn. Mir hu mam Rob Roemen geschwat, dee laang Joren als Journalist Oppositiounspolitik huet misse maachen an dunn als fréipensionéierte Chefredakter eng Majoritéit am Gemengerot fonnt huet, déi en zum Buergermeeschter vu Leideleng gemaach huet.*

*Här Buergermeeschter, an enger klenger Gemeng wéi Ärer, wou all Mënsch jiddweree kennt, gëtt et secher keng Oppositioun. Dir sidd also eleng Meeschter am Duerf, oder?*

Rob Roemen: Déi Duerstellung ass net grad realistesch. Et gëtt keen, den „eleng Meeschter am Duerf" ass, net hei an net anerwäerts. Et gëtt bei eis awer e gutt, munchmol och kritescht Mateneen. Dat bréngt méi fir d'Leit wéi eng Zort Flicht-Oppositioun, wou sech dës an déi Grupp(en) e Sport draus maachen, een deem aneren de Fouss ze setzen. Wann een déi kommunalpolitesch Gestaltung reng konstruktiv a sachlech, och ouni Virbehalter a falsch Rücksichten, ugeet, dobäi Wäert op gréisstméiglech Transparenz leet, ass een als Buergermeeschter natierlech zimlech gefuerdert.

*Et gouf also wierklech an Ärer Gemeng keng Oppositioun géint deen héchste Waassertuerm am Land? Aus purem Lokalstolz war jiddwereen d'accord? Oder sinn déi Gemengeréit kaf gi mat anere Kadoen?*

R. R.: Dir kommt awer op gelungen Iddien. Et gouf Oppositioun géint dese Waassertuerm. Bal d'Halschent vun de Gemengerotsmemberen haten zolitt Argumenter géint d'Baukonzeptioun. Ech hat selwer géint de Projet gestëmmt, wéinst dem horrende Käschtepunkt a wéinst der Ausriichtung. Aus Iwwerzeegung! Well awer en neie Waassertuerm gebraucht gouf, wat kee Mënsch a Fro gestallt huet, hunn ech matt menger neier Majoritéit de Projet dach gebaut… a bezuelt. Et ass eben net méiglech an och net gutt, datt ëmmer dann, wann d'Majoritéitsverhältnisser änneren, alles op d'Kopp gehäit gëtt, wat déi Equipe vu virdrunner vertrueden huet. Et sollt een aus allem ëmmer dat Bescht maachen.

**„Wien zerguttst Buergermeeschter wëll sinn, ka kaum eng aner Beschäftegung dernieft maachen."**

Är lescht Remarque, datt Gemengeréit, déi fir eppes stëmmen, sech matt Kadoe kënnte kafe loossen, deet mech schudderen. Dir sollt net liichtfankeg esou Saachen an d'Welt setzen.

*Wéi ass et da mat de Baugenehmegungen? Déi däerf dem Gesetz no de Buergermeeschter ganz eleng ginn. Dat wäert jo dann e Genoss sinn, fir do seng Muecht voll spillen ze loossen?*

R. R.: De Genoss hält sech a Grenzen. Et muss een d'Gesetz an d'Praxis betruechten. Baugenehmegunge brauchen d'Leit, awer si musse sech strikt un d'Bautereglement halen. Wat sécher net ëmmer einfach ass. Alles wat géint d'Reglementer verstéisst, kann ëmmerhin viru Geriiht op d'Kopp gehäit ginn. Mir hunn eng dichteg Bautekommissioun agesat, an däer Fachleit (Architekten, Geometer, Ingenieuren, Techniker…) all Demande genee ënnersichen. De Buergermeeschter orientéiert sech un hire fachlechen Avisen an un de geneeën Analysen, déi den technesche Service vun der Gemeng virhëlt. De Genoss ergëtt sech dann aus der Gewëssheet, datt déi Genehmegungen korrekt ausgestallt sinn.

*Dir sidd fréipensionéiert an hutt duerfir och all Zäit, déi ee brauch fir de Buergermeeschterjob…*

R. R.: Dat mengt Dir esou. Eng Pensioun bedeit soss, datt een no enger erfëllter aktiver Zäit soll eng Grimmel méi lues trëppelen. Mir ass et ëmgedréit ergaang. Ouni Fréipensioun wier et ni méiglech gewiescht, dëse kommunalpolitischen Job esou z'erfëllen, wéi et elo funktionéiert. Dat huet net nëmmen domatt ze dinn, datt mir zu Leideleng eng besonnesch éiergäizeg Equipe sinn, déi sech e gewaltege Programm opgelueden huet an dësen och mordikus fäerdeg maache wëll.

*Oh, Dir haalt wat Dir versprieчt?*

R. R.: Dir wonnert Iech! Kommt Iech iwwerzeegen, datt mir esouguer méi realiséiere wéi mer versprach haten.

*Intressant. Awer Dir klot, datt de Buergermeeschterposten esou komplex gouf, datt en als Niewenjob net méi ze maachen ass.*

R. R.: Ganz genee: Wien zerguttst Buergermeeschter wëll sinn, ka kaum eng aner Beschäftegung dernieft maachen. Oder et geet op Käschten vun der Leeschtung an der Gemeng. Buergermeeschter ass eng Vollzäitaarbecht ginn, well ëmmer neess Neies gefuerdert gëtt.




*Dat ass e Plädoyer fir méi Congé politique, gell?*

R. R.: Fir déi Leit, déi am Beruff stinn, gewëss. Awer de Congé politique eleng, deen zënter Jore versprach gëtt, ass keng schlësseg, jiddwerfalls net déi eenzeg erfuerderlech Léisung. Buergermeeschter a Schäfferot musse vill méi Zäit fir d'Gemeng opbréngen wéi de Congé politique ausmecht.

*Heescht dat, datt kleng Gemengen esou net méi ze féiere sinn?*

R. R.: Guer net, och wann Zentraliséierungsspezialisten gären an déi Richtung denken. Gemengen kann een och net, jiddwerfalls net ëmmer, no Kategorië grouss a kleng andeelen, mä no hirer Funktiounskapazitéit. Woubäi och d'Ënnerschiddlechkeet vun de Gemenge Prioritéit behale muss. Et kann een z.B. eng ländlech Gemeng net mat deene selwechte Miessinstrumenter bewäerten a behandele wéi eng Stad.

*Dir haalt demno näischt vun de Gemengefusiounen?*

R. R.: Falsch! Virun e puer Jorzéngten hat ech esouguer eemol e fervente Plädoyer fir d'Fusioune geschriwwen. Fusionéiere sollt een d'Gemengen awer net aus deem eenzege Grond, datt ee gär méi eng kleng Zuel vu Gemengen hätt. Dat Ganzt muss och e praktesche Sënn erginn.

*Do gëtt et dach d'Iddi fir „communautés urbaines" ze schafen. Eng gutt Saach?*

R. R.: Prinzipiell schéngt et eng gudd Iddi ze sinn, fir Problemer – z.B. am Verkéiersberäich – an de Grëff ze kréien, déi iwwert déi kommunal Grenzen eraus bestinn. Dat géing landesplaneresch Sënn maachen. Sollt sech dohannert awer de Versuch vu verkappte Fusiounen verstoppen, ginn ech dervunner aus, datt näischt drauss gëtt. Et léisst keng Gemeng sech zwangsfusionéieren! Ënnert wat fir engen Ëmstänn och ëmmer.

*Wou soll den Hiewel dann ugesat ginn?*

R. R.: Déi gréisste Mëssstänn an de Gemenge si leider weder mat Fusiounen nach mat „communautés urbaines" ze léisen. Virdrunner mussen d'Hausaufgaben anerwäerts gemaach ginn.

*Wat sinn déi?*

R. R.: Et wier wichteg, wann endlech déi allgemeng administrativ Schwéierfälligkeet radikal ofgebaut géif. Et wier net vu Muttwëll, wann déi bürokratesch Schikanen ewechgeraumt géinge ginn, well an der aktueller Situatioun all verstänneg Entwécklung ënnerbonne gëtt.

*Hutt Dir e Beispill?*

R. R.: Gewëss: An eiser Schäfferotserklärung hate mir eis duerfir ausgeschwat, datt deene Leit, déi an eiser Gemeng schaffen, d'Méiglechkeet sollt gi ginn, och hei ze wunnen. Déi Hellewull vu Barrikaden, déi opgebaut ginn, fir dëst esou schwéier an esou komplizéiert wéi méiglech ze maachen, ass net am Kader vun desem Gespréich duerzeleeën.

*Sinn et da nëmmen de Schefferot an de Buergermeeschter, déi iwwerfuerdert sinn? Fehlt et net och a ville Gemengen un däer technescher Kompetenz fir d'Problemer vun haut ze léisen? Ech denken z.B. un d'Ëmsetze vun deem neie Gesetz iwwert den Aménagement communal oder un den IVL [Integratives Verkehrs- und Landesentwicklungskonzept].*

R. R.: Fir d'Ëmsetze vun deem neie Gesetz iwwert déi kommunal Entwécklung gëtt et leider nach ëmmer keng verbindlech Äntwerten op all kommunal Froe bei deenen zoustännegen Instanzen. Et fehlt demno u Kompetenz, mä net onbedéngt op kommunalem Niveau. Dat gëllt jiddwerfalls och fir den IVL, deen esou laang net gräife kann, wéi eenzel Ministèren sech net eens sinn. De Minister vum Intérieur, och fir den Aménagement du territoire zoustänneg, huet aner Virstellungen wéi säi Kolleg aus dem Transportministère. A wat de Logementsminister vertrëtt, entsprécht net ëmmer deem, wat den Inneminister priedegt.

Awer vläicht kënnt enges Daags déi grouss Erliichtung an et gëtt dach nach alles gutt…

*Dir sidd Optimist!*

R. R.: Dir hutt et geroden! Duerfir ginn ech d'Hoffnung net op, datt irgendwéi eemol eng elementar Disziplin sech duerchsetze wäert: de gesonde Mënscheverstand. De léisst sech weder mat strammen, sech zum Deel widdersprie-chende Regelen, nach mat komplizéierten, meeschtens iwwerdeieren Etuden entfalen.

*Hutt Dir eppes géint den Inneminister?*

R. R.: Glad a guer net. Seng Adversairë sinn anerer. Ech fannen et jhust net gutt, datt och den aktuellen Inneminister den Afloss vun de Gemengen aschränke wëll, andeems d'Gemengenautonomie stéckerchesweis ënnergruewe gëtt.

*Wëllt Dir Député-maire ginn?*

R. R.: Ech hunn aner Péng!

*(Interview vum 30.6.2008/mp)*